# Flott Gebuertsdagsfeier an der Geenzebléi

29 Bewunner hunn e schéine Gebuertsdag gefeiert



**Wolz.** Bei der Begréissung huet de President Jean-Paul Huet am Numm vun der Amicale de Jubilaren, déi am Juli, August a September Gebuertsdag hate gratuléiert an hinnen allguer fir d'Zukunft eng gutt Gesondheet gewënscht an datt si nach vill Fester mat der Amicale kënne zesumme féieren. D'Direktioun vu Servior war duerch d'Evelyne Plawny vertrueden. D'Gemeng war wéi ëmmer bei sou enger Feier duerch d'Buergermeeschtesch Carole Weigel an dem Schäffe Cosic Amel vertrueden. D'Buergermeeschtesch huet am Numm vun der Gemeng alle Geéierte gratuléiert an hinnen och fir Zukunft all Guddes gewënscht. Dono huet den Orchester Michel den Happy Birthday gespillt, wou d'Leit all matgesongen hunn. Bei engem gudde Patt an engem Stéck Gebuertsdagskuch gouf gedanzt a gesongen. Vun der Amicale gouf et wéi ëmmer ee Kaddo fir all déi 29 Geéiert an d'Gemeng huet ee Kaddo un déi Bewunner, déi ee ronne Gebuertsdag haten, iwwerreecht.

*Jean-Paul Huet*
*via mywort*